01.03.2023 - Luxembourg

# Roverway 2024 Norway - Luxembourg Contingent

# Newsletter 1

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Am Summer 2024 ass no 6 Joer endlech nees ee Roverway, dësen ass dëst Kéier a Norwegen ënnert dem Thema 'North of the ordinary'. An dëser Newsletter fannt dir all wichteg Informatiounen iwwert den Roverway selwer a wéi dir iech provisoresch umellen kennt fir dësen eemolegen Camp zesumme mam Lëtzebuerger Contingent ze erliewen.

**<u>Op ee Bléck:</u>**

Wat? Roverway 2024 – 'North of the ordinary'

Wou? Puer Deeg op verschiddene Platzen a Norwegen an de Schluss ass bei Stavanger.

Weini? 22. Juli – 01. August 2024

Wieder offiziell Informatiounen fannt dir op dem Site vum Lëtzebuerger Contingent: **https://rw2024.sil.lu/**

**<u>De Roverway kuerz erklärt:</u>**

De Roverway ass e grousst internationaalt Camp **fir Guiden a Scouten tëscht 16 an 22 Joer**, mat iwwer 5.000 Participants aus ganz Europa, a gëtt vum lokalen Guiden a

Scouts Verband zesumme vun den europäesche Regioune **WOSM** a **WAGGGS** organiséiert.

E fënnt all 3-6 Joer an engem aneren europäesche Land statt. Änlech wéi de World Scout Moot, eng 5.000 Leit huelen Deel. Den éischte Roverway war am Joer 2003 an huet den Eurofolk ersat, deen tëscht 1977 an 1997 duerchgefouert gouf. De Programm besteet aus zwee Deeler. « Co-construction » ass e Schwéierpunkt vun engem Roverway, esou ewéi Soziaalt Engagement an vill Abenteuer.

**Den 7. Roverway ass an Norwegen:**

**Vum 22. Juli bis den 1. August 2024** wärten Guiden a Scouten **an der Regioun Stavanger a Norwegen** zesummen kommen. De Roverway besteet aus 2 Deeler: Déi éischt puer Deeg treffen sech d'Participants a kléngen internationalen Gruppen a léieren Norwegen kennen. Hei kann een am Virfeld aus sougenannten ‚Paths' wielen, an dës sinn duerch ganz Norwegen verdeelt, et kann ee sech seng Platz also quasi selwer eraussichen. Den 2. Deel ass dann zu Stavanger wou alleguerten Participants vum Roverway sech um grousse Camp Site treffen, wou dann e variéierte Programm ugebuede gëtt.

**De Lëtzebuerger Contingent:**

De Lëtzebuerger Contingent wäert aus Participants, IST (international Service Team) an engem Contigent Management Team (CMT) bestoen. Mir huelen als Federatioun „Scouting in Luxembourg" – Lëtzebuerger Verband beim WOSM, um Roverway deel an deemno si mir e geméschten Continent aus Memberen aus der FNEL an den LGS.

Den Organisatiounsteam vum Lëtzebuerger Contingent (CMT) besteet aus folgenden Memberen:

- Steven Mason (FNEL)
- Jennifer Adami (LGS)
- Bruno Martins (LGS)

**Präis:**

De Präis ass nach net genau definéiert (e Deel vun de Käschten ass ofhängeg vun der Zuel vun de Leit déi matginn). Dofir ass dëst nach eng reng Estimatioun. Mir rechnen mat folgenden Montant'en:

Fir Participants:

- Präis vum Camp: 825 Euro (esou vun Norwegen festgeluecht)
- Transport Fliger: ~400 Euro
- Material + Administratiounskäschten : ~ 100 Euro

Fir IST:

- Präis vum Camp: 495 Euro (esou vun Norwegen festgeluecht)
- Transport Fliger: ~400 Euro
- Material + Administratiounskäschten : ~ 100 Euro

**Wien kann mat op de Roverway?**

Du kanns als Participant mat op de Roverway wanns du zum Zäitpunkt vum Camp tëschent 16 an 22 Joer al bass. Dat heescht wanns du **tëschent dem 01.08.2002 an 22.07.2008 gebuer bass.**

**Du bass méi al wie 22 Joer?**

Falls du méi al bass, kanns du ëmmer nach am International Service Team (IST) matgoen. Hei kriss du eng kléng Aarbecht um Camp selwer a pécks eng Hand mat un. Duerfir ass de Präis vum Camp awer och méi bëlleg. D'international Service Ekipp droen en groussen Deel zum Succès vum Jamboree bei an maachen dësen iwwerhaapt mol méiglech.

**Wéi mellen ech mech un?**

Fir eng Aschätzung ze kréien, wéivill Leit um Roverway interesséiert sinn maachen mir fir eischt eng provisoresch Umeldung. Dat heescht, dës Umeldung ass nach net definitiv, mee dir wäert dann déi éischt sinn déi weider Informatiounen fir den Roverway kréien.

**Déi provisoresch Umeldung ass op vum 1. März bis den 1. Abrëll 2023** an umelden kënnt dir iech iwert dëse Link: **https://forms.gle/ynwGoEzgWhUZVTWC9**

**Déi definitiv Umeldung wäert vum 1. Juli bis den 1. Oktober opgoen**, heizou kommen nach emol Informatiounen méi spéit.

Ewéi och vir all déi aner Jamboreen leeft d'Aschreiwung nëmmen iwwert de lëtzebuergesche Contingent. Et ass net méiglech sech direkt bei den Organisateuren anzeschreiwen.

**Infoversammlung:**

Mir organiséiren eng kléng Informatiounsversammlung den **17. Juni vu 18h bis 19h um Fëtschenhaff bei der FNEL**. Hei ass jiddereen wëlkomm, den um Roverway interesséiert ass. Mir wärten eng kléng Présentatioun wéisen a weider Informatiounen zum Camp selwer ginn.

Adress:
61a, Rue des Trèves L-2630 Luxembourg

**Kontakter vum Lëtzebuerger Contingent:**

Weider Informatioune vum Contingent (Neiegkeeten, Dokumenter, FAQ, etc.) a vum Roverway sinn op eisem Internetsite disponibel: Internetsite

info@rw2024.sil.lu | Facebook | Instagram

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,
Jennifer, Bruno a Steven